association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2020

# Zeréck an d'Lycéeën:
# d'APESS geet op Froe vun hire Memberen an

Elo wou d'Lycéeën nees progressiv opginn, bleiwen awer nach vill Froen op, déi d'APESS vun hire Membere gestallt kritt huet. Dofir wëllt d'APESS op e puer relevant Punkten agoen:

## I. Protection des données / Dateschutz

a) « De préférence streamen »

De Ministère huet an engem Mail vum 22. Abrëll 2020 matgedeelt, datt déi vulnerabel Enseignanten, an och déi Enseignanten, déi eng vulnerabel Persoun am Stot hunn, ab dem 11. Mee weider am e-Learning bleiwen. An deem Mail steet:

*« En vue d'assurer la continuité pédagogique, les personnes vulnérables* ***sont autorisées à offrir*** *à leurs élèves un enseignement à distance depuis leur domicile, ceci en suivant le plan horaire qui leur aura été remis par la direction et* ***de préférence*** *par le moyen d'une vidéo-conférence. »*

E Video mat Erkennung vum Enseignant kann also gemaach ginn fir déi Enseignanten, déi dat fräiwëlleg maache wëllen.

Fir all „Stream", op deem Schüler ze gesinn oder och nëmmen ze héiere sinn, muss awer am Virfeld eng schrëftlech Erlabnis vun den Eltere gefrot ginn. Och den Enseignant huet dat Recht, wéi all eenzele Schüler, ze decidéieren, ob hien acceptéiert, gefilmt ze ginn.
D'Bedenken iwwer d'"Streamen" vum Cours mat Donnéeën, un Hand vun deenen e Schüler/Enseignant eendeiteg zougeuerdent gëtt (z.B. Bild vun der Persoun) oder zougeuerdent ka ginn (z.B. duerch d'Stëmm vun der Persoun), muss eescht geholl ginn an am Fall, wou e Schüler/Enseignant sech entscheet, vu sengem Recht op Dateschutz Gebrauch ze maachen, muss seng Entscheedung respektéiert ginn.[1]
Zousätzlech kënnen d'Enseignanten zu kengem Ament forcéiert ginn, sech ze filmen, well dëst net an hirem Aarbechtskontrakt festgehalen ass.
D'Enseignantë bidden de vulnerabele Schüler weiderhin e méiglechst gudden Encadrement, ouni ggf. dobäi op hir perséinlech Rechter ze verzichten.

**D'APESS fuerdert, datt jidderengem säi Recht op Dateschutz respektéiert gëtt.**

An dësem Dokument fannen eis Memberen d'Prozedur, déi ze lancéieren ass, am Fall wou si en Uerder géife kréien, sech géint hire Wëllen musse filmen ze loossen.

[1] https://www.datenschutz.org/fotografieren-personen



Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

b) Absencë wéinst Vulnerabilitéit oder Krankheet

Wann een Enseignant positiv op de SARS-CoV-2 bzw. Covid19 getest ginn ass, ass e verflicht seng Direktioun direkt doriwwer a Kenntnis ze setzen.
Bei anere Krankheetsfäll geet et duer, e Certificat médical (>3 Deeg) ofzeginn. Et ass een net obligéiert, d'Diagnos vum Dokter matzedeelen; dëst gëllt allgemeng an och elo an der Krisesituatioun.
Fir déi vulnerabel Persounen ass virgesinn, datt si weider am Teletravail kënne bleiwen. An deem Fall ass eng „Attestation de vulnérabilité" néideg an dat ouni Prezisiounen zu der Diagnos vun der Krankheet.
Fir de Fall, wou ee mat enger vulnerabeler Persoun an engem Stot lieft, muss een e „Certificat de vulnérabilité" vun der betraffener Persoun bei senger Direktioun ofginn. D'Diagnos vun der Krankheet vun der vulnerabeler Persoun brauch een net matzedeelen.

## II. Congé pour raisons familiales

De Ministère garantéiert néng national Strukturen, wou Enseignanten hir Kanner wärend hirer Aarbecht kënne betreie loossen. **Ginn néng Strukturen duer?**
A verschiddene Regioune ginn et keng Betreiungsstrukturen. **Sinn hei Regioune vergiess ginn?**
Seng Kanner an engem neien Ëmfeld ze hannerloossen, mat frieme Betreier, mat ongewéinleche Moossnamen, wéi Maskeflicht an eventuell zwee Meter Ofstand, stellt eng ganz grouss Erausfuerderung un d'Kanner an och un hier Elteren duer.
D'Enseignanten hu sech kuerzfristeg op déi nei Situatioun agestallt. D'Kontaktopnam an d'Kommunikatioun mat de Schüler, d'Schoul halen op Distanz an de Suivi vun den defavoriséierte Schüler ware grouss Ëmstellungen, déi d'Enseignantë viru grouss Erausfuerderunge gestallt hunn.
Si hu sech mat groussem Engagement fir hir Schüler agesat, mee fir den Encadrement vun hiren eegene Kanner fille si sech widder de Kapp gestouss.

**D'APESS fuerdert, datt d'Enseignanten och dat Recht kréien, de „congé pour raisons familiales" unzefroen, am Fall wou si hiert Kand net an enger friemer Infrastruktur wëllen ofginn.**

## III. Maskeflicht an der Klass

De Minister huet matgedeelt, datt an de Klassesäll keng Maskeflicht besteet.
An deene Säll, wou den Ofstand vun zwee Meter net agehale ka ginn, besteet **Maskeflicht**. Do, wou den Ofstand vun zwee Meter agehale gëtt, brauch keng Mask gedroen ze ginn. Wann en Enseignant awer ukënnegt, duerch d'Reien ze goen, sinn d'Schüler verflicht, hier Mask unzedoen. Wann e Schüler seng Plaz verléisst, well en op d'Toilette muss, un d'Tafel geet, fir eng Aufgab ze maachen oder seng Hänn wäsche wëll, ass d'Klass an den Enseignant opgefuerdert, hir Masken nees unzedoen.
Wuelwëssend, datt d'Schüler opgefuerdert ginn, hir Hänn ze wäschen, wa se hier Masken ausdoen, féiert dëst zu ze ville Stéierungen am Cours an ass streng geholl ganz schwéier bis guer net ëmsetzbar.

**D'APESS recommandéiert dofir d'Maskeflicht vun de Schüler an der Klass, fir d'Consigne vum Ministère de la Santé zu all Moment ze garantéieren.**



Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

## IV. Weider Tester op den SARS-CoV-2

Vu datt de Risiko méi grouss ass, sech an de nächste Woche mam Virus unzestiechen, werft d'APESS d'Fro op, ob ugeduecht ginn ass, datt d'Schüler an d'Enseignantë sech no der Päischtvakanz ggf. eng zweete Kéier kënnen teste loossen.
Déi aktuell gemaachten Tester stelle leider nëmmen eng Momentopnam vun elo duer! Mee no nees véier Wochen un der „Schoulfront" wär et op Grond vun der Inkubatiounszäit absolut zweckméisseg an ubruecht, Schüler an Enseignanten zum Schluss vun der Päischtvakanz eng weider Kéier op eng eventuell Infektioun hin ze testen, ier d'Schouljoer a seng lescht Phas geet.
**Nëmmen esou kéint beschtméiglech verhënnert ginn, dass Infektiounen an de Schoulen, souwéi am ëffentlechen Transport um Schoulwee erëm verstäerkt stattfannen.**

## V. Schoul bis de 17. Juli

D'APESS versteet, datt ënner den aktuellen Ëmstänn am Raum steet, d'Schoul dëst Joer bis zum 17. Juli ze verlängeren, wann dat noutwenneg ass. Allerdéngs dierft dat **ënnert kengen aneren Ëmstänn** zu engem Reegelfall fir di zukünfteg Schouljore ginn!

**D'APESS wënscht jidderengem eng gutt Reprise an de Schoulen, weider vill Courage, an datt jiddereen och an Zukunft gesond a monter doduerch kënnt.**



**Siège social** 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

**Comité exécutif** Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

**apess a.s.b.l.**
Numéro LBR F4426